association luxembourg alzheimer

Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer
Méi wéi 30 Joer Erfahrung am Beräich vun der Demenz

D'Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer – kuerz ala – ass e Berodungs-, Begleedungs- a Fleegenetz, dat op d'Betreiung vu Mënsche mat Demenz spezialiséiert ass. Op nationalem an internationalem Niveau setze mir eis an fir d'Bedierfnesser vu Mënschen, déi mat enger Demenz liewen a fir hir Familljememberen.

D'ala gouf 1987 vu Familljememberе vu Leit mat enger Demenz gegrënnt. Ronn dräi Joerzéngte méi spéit, kënne mir op e bedeitenden Erfahrungsschatz zeréckblécken. Haut wéi gëschter ass d'Bestriewe vun der ala, d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Mënsche mat Demenz an hire Familljememberen.

Déngschter vun der ala

- ala plus, Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem:
  Bouneweg, Esch/Uelzecht, Ierpeldeng un der Sauer, Wëntger, Mondorf
- 6 Dagesfoyeren:
  Bouneweg, Diddeleng, Dol, Dummeldeng, Esch/Uelzecht, Rëmeleng
- 1 Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng un der Sauer
- Sozial- a Koordinatiounsdéngscht
- Psychologeschen an ergotherapeuteschen Déngscht
- Ethikcomité
- Berodung bei der Upassung vun der Wunneng
- Formatiounen a Weiderbildung fir Familljen a Professioneller
- Alzheimer Café
- Helpline (24 Stonnen/24) Tel. 26 432 432
- Selbsthëllefgruppen

T. 26 007-1 | www.alzheimer.lu